**Dépôt : LENERT Paulette**
Groupe politique LSAP

Lëtzebuerg, de 13. November 2024

# MOTIOUN

**D'Chamber stellt fest**

- datt laut dem rezentste Rapport vum Verwaltungsgeriicht d'Unzuel u komplexen Dossieren, ë.a. am Beräich Urbanismus, ëffentlechem Vergaberecht a Fiskalitéit, tendenziell erop geet;
- datt gläichzäiteg d'Proportioun u Schnellverfaren, sougenannte procédures accélérées, déi bannent ganz kuerze Friste mussen evakuéiert ginn, och ëmmer méi grouss gëtt a mëttlerweil iwwer en Drëttel vum contenieux ausmëscht;
- datt, bedéngt duerch dëse steigenden Drock, d'Friste fir eng normal Fixatioun sech iwwer déi lescht 4 Joer méi wéi verduebelt hunn a mëttlerweil am Schnatt tëscht 13 an 20 Méint leien;
- datt den Drock op d'Verwaltungsgeriicht mat Bléck op den europäesche Migratiounspak duerch zousätzlech Schnellverfare mat grousser Warscheinlechkeet wäert verstäerkt ginn;
- datt trotz engem ambitiéise Recrutementsplang déi aktuell Rekrutéierungsschwieregkeeten um Verwaltungsgeriicht direkt kenne geléist ginn.

**D'Chamber fuerdert d'Regierung op:**

- d'Aféierung vun enger oder méi spezialiséierte Chambere bannent dem Verwaltungsgeriicht ze poursuivéieren;
- d'Prozeduren am volle Respekt vum Recht op ee faire Prozess fir jiddereen, ze vereinfachen;
- d'Préiwe vu spezifesche Rekrutéierungsprozeduren a Fachberäicher vum Verwaltungsrecht wou et schwiereg ass Kandidaten ze fannen.

**Signature (s) :**

Paulette Lenert